SPORT - BEWEEGUNG ALS MEDEZIN

# D'Flass promouvéiert de Sport als Therapie

Vum Guy Seyler | Update: 31.01.2019 15:14 | 0 Commentaire(n)




Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

**Zanter 35 Joer treffen sech zu Esch, an der Stad an zu Ettelbréck Häerz-Patienten, fir ënner medezinescher Opsiicht Sport ze maachen.**

Sport als Therapie, dat ass scho laang de Fall fir vill Häerzpatienten. Zanter 35 Joer treffe si sech reegelméisseg fir ënner medezinescher Opsiicht Sport ze maachen. Manner bekannt ass, datt et esou Sportsgruppen och fir aner Patiente gëtt.

*AUDIO: FLASS: De Reportage vum Guy Seyler*

Bei Kriibspatienten, bei Parkinson, MS, no engem Hireschlag an esouguer bei de "maladies rares" kann de Sport net nëmmen d’Liewensqualitéit verbesseren, mä d’Liewen och verlängeren. Dat ass awer wéineg bekannt.

Virun 3 Joer huet d’FLASS – d’FédérationLuxembourgeoise des Associations de Sport de Santé – all déi verschidde Gruppen ënnert enger Organisatioun zesummegeschloss. Elo geet et drëms, d'Leit iwwer déi bestoend Offer ze informéieren. Am Sënn vun enger grousser Sensibilisatioun goufen 2.600 Dokteren ugeschriwwen. Si sollen de Sport als feste Bestanddeel an hir Behandlung abauen an de Patient zum Sport als Therapie motivéieren.

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

De Sport ass net nëmmen e bëllegt Medikament, mä en huet och manner Niewewierkungen. Allerdéngs verdéngt d'Pharmaindustrie domat keng Suen an duerfir ass et och esou schwéier, deen Effet no baussen ze droen.

1/2








Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD



Et ass kloer, datt an dëse Gruppe kee Leeschtungssport gemaach gëtt. D'Exercicë sinn individuell ugepasst a ginn och vu speziell forméierte Moniteuren oder Doktere gehalen.

E positiven Nieweneffekt vun dësem Encadrement ass, datt de Patient iwwerwaacht gëtt. A bei Problemer direkt u säin Dokter iwwerwise gëtt.

*Niewent Esch, der Stad an Ettelbréck ass eng Sportsgrupp fir kriibskrank Patienten zu Wäisswampech an der Planung. Eng Vergréisserung vun der Flass steet och un. Zwou nei Gruppe kéinten deemnächst bäikommen. Diabetiker a Leit mat engem Burn-Out. Och fir déi Patienten ass de Sport e wichtegt Medikament.*

SITE: www.flass.lu

**Links**

- SITE: www.flass.lu
- AUDIO: FLASS: De Reportage vum Guy Seyler

## AM MEESCHTE GELIES

1 **No 20 Joer**
**Tom Brady verléisst New England Patriots**

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

2 **Coronavirus**

**Klassiker, déi fir nächste Mount geplangt waren, ginn net gefuer**

3 **Olympesch Spiller**

**IOC hält aktuell nach um Datum 2020 fest**

4 **Automobilsport**

**24-Stonne-Course um Nürburgring gëtt verréckelt**

5 **Tennis**

**French Open ginn Enn September gespillt**

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

## COMMENTAIREN

Schreift en neie Commentaire

Dem Datum no sortéieren

**Norwegen** - 31.01.2019 16:51 0 0

...eng absolut positiv Saach, déi voll ënnerstëtzt an ausgebaut muss ginn !

Wou si mer mat der Ausbildung, respektiv dem Statut vun de "métiers du sport" drun, wou och spezialiséiert Sportmoniteuren missten vir Zukunft kommen, vir och hei eng weider Qualitéit vum Encadrement ze garantéieren ?

De Saz hei Uewen klengt wéi Hunneg a mengen Oueren, Zitat "...De Sport ass net nëmmen e bëllegt Medikament, mä en huet och manner Niewewierkungen. Allerdéngs verdéngt d’Pharmaindustrie domat keng Suen an duerfir ass et och esou schwéier, deen Effet no baussen ze droen."

Konsequenterweis mussen an Zukunft Sportmoniteuren en unerkannten professionelle Statut kréien, deen et aktuell leider nach ëmmer net gëtt, trotz de konstruktiven a reegelméissegen Fuerderungen un d'Politiker aus dem Secteur, säitens de betraffenen Beruffsgruppen !

Mellen Äntweren

Login Fir Commentairen ze schreiwen, musst Dir ageloggt sinn

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

## WEIDER NEWS

Olympesch Spiller

**IOC hält aktuell nach um Datum 2020 fest**

Tennis

**French Open ginn Enn September gespillt**

Futtball

**Uefa verleet EM 2020 op de Summer 2021**

3

No 20 Joer

**Tom Brady verléisst New England Patriots**

0

Lafsport

**Organisatore vum Businessrun proposéieren de "Virtual Run"**

0

Futtball

**1. an 2. Bundesliga pausen op d'mannst bis den 2. Abréll, 3. Liga nach méi laang**

0

Corona-Pandemie

**Basket-Saison 2019/2020 gëtt net op en Enn gespillt**

11

Lëtzebuerger Futtballer am Ausland

**Gerson Rodrigues schéisst wichtege Gol, Olivier Thill op der Bänk**

3



Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

Schreift Iech an eis Newsletteren an:

E-Mail-Adress GO

IP DIGITAL

Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

## News

- National
- Meng-Gemeng
- International
- Europa
- Si hu gespent
- Réckspigel
- Den Invité vun der Redaktioun
- Bommeleeër

## Meenung

- Carte Blanche
- Commentaire
- Apropos
- Lieserbréiwer

## Mobilitéit

- News
- Trafic
- Pëtrolspräisser
- Auto-Tester
- Autofestival
- Autospräisser

## Lifestyle

- News
- Kichen
- Gesondheet
- Verstoppte Plazen
- Reesen
- Tech-World

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

Radio

Sport

RTL On Tour

Päischtcroisière

## Meteo

Radar

Nidderschléi

Quantitéiten

## Jobs

Jobdag

Moovijob

## Info

Services de garde

Loterie

Déiererubrik

Editus

Lifelong Learning

Letzshop

SMS Servicer

## Télé

Live

Replay

Fotoen

Podcasts

Informatiounen

## Radio

Lauschteren

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD

© 2020 RTL Luxembourg. All rights reserved.

Create PDF in your applications with the Pdfcrowd HTML to PDF API PDFCROWD